PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/10/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.**

Un eis ass eru gedroe ginn, dass bei der Inspection générale des finances Wäert drop geluecht gëtt, dass d'Luuchten an de Pieces communes zu all Moment vum Dag mussen u sinn. Dëst widdersprécht awer der Circulaire n°4168, déi zum Energiespueren opriff t.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat mussen dës Pieces communes zu all Moment vum Dag beliicht sinn?
2. Wat ass den zousätzlechen Energieverbrauch duerch dësen Appell vun der Direktioun vun der IGF?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten